NORDSTAD

LiewensMëttelpunkt.

NORDSTAD - GUTT IESSEN, GUTT LIEWEN

NORDSTAD

LIEWENSMËTTELPUNKT.

NORDSTAD - GUTT IESSEN, GUTT LIEWEN

Wourëms geet et beim Liewensmëttelpunkt?

Liewensmëttel:
Liewensmëttel si net nëmmen e kulinarescht Erliefnes, mee si sinn een onentbierleche Produit. Eng Ernierung mat gesonde Liewensmëttel déi am Respekt vun der Natur hiergestallt goufen, garantéieren eis eng liewenswäert Zukunft an eiser Ëmwelt.

Mëttelpunkt:
D'Nordstad setzt mat dësem Projet d'Liewensmëttel an de Mëttelpunkt vun enger Demarche, déi op d'Zesummespill vun allen Acteuren um Terrain ofziilt. E sou ginn de Produzent, de Commerçant, de Gastronom, de Konsument an natierlech och den edukative Volet matenee vernetzt. Dëst Zesummeschaffen erlaabt nei Synergien a garantéiert der Nordstad a sengen Awunner eng besser Qualitéit u Liewensmëttel duerch d'Stäerkung vun der lokaler Produktioun an duerch eng Ënnerstëtzung fir all Acteur.

Wat gëtt gemaach?

D'Nordstad organiséiert **Workshoppen an Atelieren** bei deenen, zesumme mat den Acteuren um Terrain, eng **Strategie fir d'Regioun** entwéckelt gëtt.

Mat engem **Aktiounsplang** mat **konkrete Mesure** solle net nëmmen d'Gemenge sech nohalteg opstellen a nei Initiativen entstoen, mee virun allem sollen all d'Bierger an der Nordstad profitéiere kënne fir sech **gesond, lokal a saisonal** kënnen ze ernieren.

Haalt Är Aen an Oueren op a bréngt lech och gären an dëse Projet an, bei deem jidderee soll matgeholl ginn.

Qu'est-ce que le Liewensmëttelpunkt ?

Le mot Liewensmëttelpunkt signifie « centre de vie » et comprend, en luxembourgeois, la partie « Liewensmëttel », ce qui signifie « denrée alimentaire ».

Liewensmëttel :
Les denrées alimentaires sont plus que la sensation culinaire qu'ils sont dans le meilleur des cas, mais ce sont des produits indispensables pour notre survie. Se nourrir à base d'aliments produits dans le respect de la nature aide à garantir un avenir qui vaut être vécu dans un environnement sain.

Mëttelpunkt (Centre) :
La Nordstad place les denrées alimentaires au centre d'une démarche qui vise à une collaboration de tous les acteurs du terrain. Que ce soient les producteurs, les commerçants, les gastronomes, les consommateurs ou le volet éducatif, le projet Liewensmëttelpunkt leur offrira un réseau qui mènera à de nouvelles synergies et par conséquent une amélioration de la qualité des aliments, leur accessibilité et un soutien aux acteurs de la production locale et régionale.

Qu'est-ce qui sera fait?

La Nordstad rassemble les acteurs du terrain dans des **ateliers thématiques** et y développe une **stratégie pour la région**.

Un plan d'action soutiendra les communes à se positionner de manière durable et prévoira la mise en place **de mesures permanentes et initiatives** au cours des années à venir dont tous les citoyens de la Nordstad pourront profiter.

Restez attentifs aux communications autour du projet, participez, et engagez-vous dans le Liewensmëttelpunkt.

Ëmfro

Liewens Mëttel punkt.

3 Stëpp pro Persoun.

Wat ass lech, als Bierger vun der Nordstad, beim Thema Liewensmëttel am Wichtegsten?

A - Liewensmëttelsécherheet :

Wa Liwwerkette gestéiert sinn, oder laang dréchen oder Fiichtperioden d'Recolte bedreeën, ass eng lokal a regional Produktioun mat kuerze Weeër wichteg. Wëllt Dir, datt dëse Punkt méi Gewiicht an der Diskussioun an der Nordstad kritt? Da wielt **A**.

B - Aartevillfalt

Monokulturen a verstäerkten Asaz vu Pestizide menacéieren d'Aartvillfalt. Eng Liewensmëttelproduktioun am Respekt vun der Natur erméiglecht eng méi grouss Aartevillfalt an domat eng Ëmwelt an där méi nohalteg ka produzéiert ginn. Wann lech dëse Punkt als Wichteg erschéngt, da wielt **B**.

C - Lokal/regional Produktioun

Andeems déi lokal a regional Produktioun an d'lokaalt Verschaffe vu Produkter ënnerstëtzt a gefërdert gëtt, profitéiert jidderee vun de kuerze Weeër a vun de nei geschafen Aarbechtsplazen. Fir lech e wichtege Punkt? Da wielt **C**.

D - Artisanal Produiten

Vill vun de Liewensmëttel, déi an eisem Alldag eng Roll spille sinn industriell hiergestallt, an doduerch ultra-transforméiert, héich verschafft, mat villen Inhaltsstoffer, déi bedenklech sinn. Artisanal hiergestallte Liewensmëttel bestinn oft just aus e puer Ingredienten a si besser verträglech. Wëllt Dir, datt dëse Punkt méi Gewiicht an der Diskussioun an der Nordstad kritt? Da wielt **D**.

E - Accès zu regionale Liewensmëttel

Et ass net ëmmer einfach geziilt lokal a regional anzekafen. Wann Dir fannt, datt d'Nordstad dëst sollt vereinfachen, da wielt fir de Punkt **E**.

F - Eng besser Informatioun zum Thema

Wann Dir gäre méi iwwert den eigentleche Mëttelpunkt vun Ärem Liewe, de Liewensmëttel, gewuer wëllt ginn an Dir lech géift freeë, wann d'Nordstad verstäerkt doriwwer géif kommunizéieren, da stëmmt fir **F**.